

# KULTUR GESCHICHT

VU LËTZEBUERG

## DOSSIER PÉDAGOGIQUE

### KAPITEL 9

#### VERNETZUNG LITERATUR- A KULTURGESCHICHT I NATION-BUILDING, NATION BRANDING AN TENDENZWENDEN AN DER LITERATUR

**Auteur vum Kapitel:** Jeanne Glesener | **Redaktioun vum Dossier:** SCRIPT (Marc Birchen, Claude Karger)  
**Éditeur :** SCRIPT, Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques  
33, Rives de Clausen | L-2165 Luxembourg | Boîte postale L-2926 Luxembourg  
secretariat@script.lu | www.script.lu  
**Copyright:** SCRIPT, 2021



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation Nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT  
Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation Pédagogiques et Technologiques

# ALEEDUNG

Ugefaangen huet et mat enger Rei vu Konferenzen, déi vum Institut de langue et de littératures luxembourgeoises vun der Uni Lëtzebuerg tëscht Februar a Mee 2018 ënnert dem Titel „Kulturgeschichte Lëtzebuerg“ organiséiert gouf. Doraus ass dunn eng Websäit mat deem selwechten Numm entstanden. Si gouf fir d'Schüler aus dem Secondaire classique a général entwéckelt.

Op der Websäit [www.kulturgeschichte.lu](http://www.kulturgeschichte.lu) fannt Dir momentan ënnerschiedlech Kapiteln iwwer verschidden Aspekter vun der Lëtzebuenger Kulturgeschichte, déi am Kader vum Optionscours Lëtzebuenger Kultur a Literatur kënne beliicht ginn. D'Websäit gëtt nach duerch weider Kapiteln ergänzt. Hei en Iwwerbléck iwwer déi Deeler, déi schonn zur Verfügung stinn.




Tableau vun der Bundesfestung Lëtzebuerg am 19. Jh. vum Michel Engels (1851-1901)

# ZESUMMEFAASSUNG

## NATION-BUILDING, NATION BRANDING AN TENDENZWENDEN AN DER LITERATUR

D'Lëtzebuenger Literatur kuckt mëttlerweil op eng 200-järeg Geschichte zeréck. Hir Entwécklung am 19. an an der éischter Hallschent vum 20. Joerhonnert ass enk mam Natiounebildungsprozess verbonnen. Als kulturellt Gediechtnes, als Plattform vun der Kontestatioun an als Forum fir d'Ausernanersetzung mat gesamtgesellschaftleche Prozesser registréiert a reagéiert d'Literatur souwuel op politesch wéi op wirtschaftlech, sozial a kulturell Prozesser, déi se ästhetesch duerstelt, kritesch hannerfreet an innovativ weiderdenkt.

## AUTEUREN AUS ENGER NEIER MËTTELSCHICHT

Am 19. Joerhonnert entwéckelt sech duerch de Beamtenapparat eng Mëttelschicht, déi sech geziilt vun der Aarbechterschaft an de Baueren ofsetzt: Eisebunner, Schmelz- a Regierungsbeamten, Architekten etc. Si ginn op Héichschoulen an Universitëiten am Ausland forméiert. D'Mobilitéit vun dëser Schicht bedeit, datt nei Iddien an d'Land kommen, déi zum Opbau vun de verschiddene Beräicher bäidroen. Vill vun den Acteuren am Literaturbetrieb komme justement aus dësem Milieu; de Michel Rodange war Schoulmeeschter, de Michel Lentz war Beamte bei der Chambre des Comptes, de Frantz Clément Journalist, de Jean-Pierre Erpelding an den Nik Ries ware Proffen asw. Vill vun hinnen hunn en akadeemesche Parcours op auslänneschen Unien absolvéiert an hunn sech un der literarescher a wëssenschaftlecher Aktivitéit an de jeeeweilege Länner inspiréiert, fir zu Lëtzebuerg de Beräich vun der Literatur virunzebréngen. Den éischte Gedichtband a Lëtzebuenger Sprooch *E Schrëck op de Lëtzebuenger Parnassus* (1829) ass vum Mathematikprofessor Antoine Meyer (1801 – 1857). Den Impuls, fir en ze schreiwen, kënnt ënner anerem vun den Aarbechten a Schrëfte vu belschen Intellektuellen, déi zur selwechter Zäit iwwer wallounesch Dialekter entstanen sinn.

## D'IDEOLOGESCH FUNKTIOUN VUN DER DICHTUNG

De Félix Thyes (1830 – 1855) ass eng Schlësselfigur an dëser Ugangsphas vun der Lëtzebuenger Literatur. Als Student op der Université Libre de Bruxelles (ULB) publizéiert hien 1854 eng éischt literaturhistoresch Etüd iwwer déi lëtzebuergeschsproocheg Literatur. Och wann am 19. Joerhonnert

an deenen dräi Sprooche geschriwwen a gedicht gëtt, steet awer virun allem d'Literatur op Lëtzebuergesch am Mëttelpunkt. D'Schreiwen an der Mammesprooch féiert zum Opwäerte vun der Vollekssprooch; der Dichtung kënnt eng wichteg ideologesch Funktioun zou, nämlech déi, d'Spezifizitéit an déi politesch Aspiratioune vun der nach jonker territorialer Gemeinschaft, déi um Wee ass, zu enger Natioun zesummenzewuessen, ze ënnerstëtzen. Déi national Unerkennung vun den Dichter Michel Lentz, Edmond de la Fontaine (Dicks) a Michel Rodange ass konkreet am dësem Natiounebildungsprozess ze veruerten.

## NATIONALHELDEN AN NATIONALEPOS

Dem Félix Thyes säin *Essai sur la poésie luxembourgeoise* – den Ofschlossmemoire vun sengem Studium op der Université Libre de Bruxelles – gëtt 1854 an der *Revue trimestrielle* zu Bréissel publizéiert. Déi national-ideologesch Ausriichtung vum *Essai* gëtt direkt an den Ufankspassagé vum Text däitlech. De Fokus läit um Lëtzebuenger Vollek, dat zënter dem 10. Joerhonnert bestan hätt a sech trotz de „friemen Dominatioune“ trei bliwwen wier. A sengem Verständnes vermëschen sech Volleksgemeinschaft an nationaalt Zesummegehéieregkeetsgefill. Dobäi ka virun 1840 vun engem Nationalbewosstsinn vun de Lëtzebuenger net geschwat ginn. Änlech wéi an aneren europäesche Länner am 19. Joerhonnert ergräife Lëtzebuenger Intellektueller philologesch, wëssenschaftlech a literaresch Initiativen, déi dozou bäidroen, déi national Gemeinschaft ze entdecken, se ze historiséieren an hir eng Geschichte ze ginn.

Déi Intellektuell (Proffen, Schoulmeeschteren, Beamten), déi sech um Nationalstaatsbildungsprozess bedeelegen, waren der Iwwerzeugung, datt se keng national Mythen an Traditione géingen erfannen, mee datt se en éiweg Lëtzebuerg, wat an de Vergiess gerode wier, géingen erëmentdecken. D'Grënnung 1845 vun der *Société pour la Recherche et la Conservation des Monuments Historiques dans le Grand-Duché de Luxembourg* gëtt mam Zil gemaach, dat kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg ze beräicheren. D'Literaturhistoriografie hat zu där Zäit d'Missioun, fir déi verschidden Nationalstaaten eng Literaturtraditioun ze erschafen. Och zu Lëtzebuerg fanne mer am Prozess vun der nationalstaatlecher Konstruktivitéit de Wonsch, Nationalhelden ze kreéieren, fir d'Nationalgefill ze stäerken. Dat gesäit sech zum Beispill unhand vun der historischer Figur vum Jang de Blannen, Kinnek vu Béimen a Grof vu Lëtzebuerg, deem sech am 19. Joerhonnert eng Rei vun Historiker ugeholl hunn, fir hien als Lëtzebuenger duerzesellen an e fir d'Lëtzebuenger Nationalgeschichte unzespannen. Wat fir d'Konstruktivitéit vum Nationalheld gëllt, gëllt och fir d'Konstruktivitéit vum Nationalepos. Heldeneepen waren am

19. Joerhonnert tatsächlech eng Saach vun Nationalstolz an all Natioun wollt hir historiesch Legitimatioun op Grënnungsmythen oder Nationaleepe baséieren. Dem Michel Rodange säi *Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst* vun 1872 gehéiert zu de wichtegste Bicher, déi jee zu Lëtzebuerg verëffentlech gi sinn, a gëtt zënter den 1920er-Joren als Nationaleepos gehandelt. D'Déierefabel déngt als Projektionsfläch, fir gesellschaftlech a politesch Mëssstänn opzedecken; dat ass och beim *Renert* de Fall.

## TENDENZWENDEN

D'Natioun ass just ee vun den Theemen, mat deenen d'Literatur sech am Laf vun hirer Entwécklung beschäftegt. Am 20. Joerhonnert ginn et Tendenzwenden, Momenter, an deenen een sech an der Literatur dezidéiert vu fréiere Couranten, Positiounen, Schwéierpunkten a Weltanschauungen ofwent. Den Ufank vum 20. Joerhonnert bedeit fir d'Literatur esou eng Tendenzwend: eng verännert Perceptioun vun der Literaturproduktioun an de verschiddene Sprooche féiert dozou, datt d'Literatur vu lo un als eng dräisproocheg ugesi gëtt. Entscheedend ass awer och, datt se sech mat der kultureller Identitéit vu Lëtzebuerg auseernanersetzt an de Batty Weber, de Frantz Clément an den Nicolas Ries sinn hei déi féierend Kräfte. Si entwéckelen d'Denkfigur vun der Mischkultur, duerch déi se d'Méisproochegkeet an déi däitsch-franséisch Kulturmëschung als charakteristesche fir d'Lëtzebuurger Kulturlieden erausstellen. An dat och op internationalem Niveau. Ganz selbstbewosst verteidegt de Batty Weber d'Lëtzebuurger Kultur als eng „Kreuzungskultur“: Entgéint de Behauptunge vun de Schwäizer ass d'Mëschkultur fir hien net e Makel, ma e Virdeel, well se et de Lëtzebuurger erlaabt, um Kulturlieden vu gläich méi Kulturen deelzehuelen.

## D'ZÄSUR VUN DE 70ER-JOREN

D'70er-Jore sinn eng weider entscheedend Ëmbrochsphas, déi zu enger allgemenger ideologescher a struktureller Zäsur féiert. Mat der Liberaliséierung vun de Wäerter, déi an de 70er-Joren asetzt, an den déifgräifende gesellschaftleche Verännerungen, déi duerch d'Studenten- a Schülerprotester, d'Fraebewegung, d'Enn vun der Agrargesellschaft, déi ëmmer méi staark Immigratioun an déi sozialliberal Koalitioun erbäigeféiert ginn, ännert sech och d'Literaturlandschaft. D'Nokrichsgeneratioun went sech explizit an dezidéiert vun den national-patrioteschen a konservativ-kathoulesche Positiounen vun hire Virgänger of. Se fuerdert eng Erneuerung vun der Literatur, där hir Aufgab si konkret an engem gesellschaftleche Bäitrag verankert. Se fuerdert, fir d'Literatur, de Wiessel vun engem ideologeschen zu engem soziologeschen Standpunkt a si plädéiert fir eng kritesch Auseernanersetzung mat gesellschaftleche Realitéiten an en Asetze fir gesellschaftspolitesch Projeten.

Mat der Ännerung vum Verständnis vum Bäitrag, deen d'Literatur gesellschaftlech ze leeschten huet, verännert sech och d'Äart a Weis, wéi d'Auteuren sech selwer gesinn. Hinne geet et drëm, den déif verwuerzelte Mannerwäertegkeetskomplex, deen d'Lëtzebuurger géintwärtig der kultureller Produktioun hunn, ze iwwerwinnen. D'Schrëftsteller solidariséieren sech, setzen sech fir d'Unerkennung vun hirem Schafen an, wat zu engem neie Selbstbewosstsinn féiert. Mat der *Vague* vum sougenannten neie Lëtzebuurger Roman, zu deem ënner anerem dem Guy Rewenig säin *Hannert dem Atlantik* (1985), dem Roger Manderscheid säi *schacko klak* (1988) an dem Georges Hausemer säin *Iwwer Waasser* (1998) gehéieren, setzt déi entscheedend Erneuerung an, déi der haiteger Literaturlandschaft zu hire Konture verhollef huet.

# PEDAGOGISCHE VOLET

## 1 KUERZEN IWWERBLÉCK

An dësem Kapitel steet d'Lëtzebuenger Literatur am Fokus. Hei soll d'Verbonnenheet tëscht hirer Entwécklung an dem Natiounebildungsprozess beliicht ginn a Froen iwwert d'Viraussetzung vum der Lëtzebuenger Literatur, hir Entwécklung, d'Erëmspigele vu gesellschaftlechen Theemen a Realitéiten an der Literatur souwéi de Bäitrag vun der Lëtzebuenger Literatur zur Konstruktioon vun der Natioun behandelt ginn.

## 2 LÉIERZILER

### WËSSEN:

- D'Schüler verstinn, datt Kultur – an dësem Fall d'Literatur – sech net an engem eidele Raum entwéckelt, mee ëmmer an e konkreten historieschen, politeschen a gesellschaftleche Kontext ze stellen ass.
- Si kënnen déi wichtegst Etappe vun der Entwécklung vun der Lëtzebuenger Literatur erëmginn.
- Si kënnen an eegene Wieder de Bäitrag vun der Lëtzebuenger Literatur zur Konstruktioon vun der Natioun erëmginn.

### METHODEKOMPETENZEN:

- D'Schüler verbessern hir Kompetenzen am Beräich vun der Recherche an der Presentatioun vun hire Resultater.

## 3 AUFGABEPROPOSEN

An dësem Kapitel bidden sech zwou Aktivitéiten un:

### AUFGAB 1:

Literatursoziologeschen Exercice: „*Formatioun vun de Lëtzebuenger Schrëftsteller an Auswierkung op hiert Wierk*“

Den Online-Autorenlexikon ([www.autorenlexikon.lu](http://www.autorenlexikon.lu)) vum Centre national de littérature stellt Informatiounen iwwer sämtlech Lëtzebuenger Schrëftsteller zur Verfügung. D'Artikelen zu den Auteurs si virun allem biografesch, ma

enthalten och Informatiounen zum Beruff vum Auteur, senge Wierker, doriwwer, a wat fir enger Sprooch hie/si geschriwwen huet, literaresch-kulturell Aktivitéiten, Literaturpräisser etc.

Eng Übung hei kéint sinn, sech d'Biografie vu Schrëftsteller zu de verschiddenen Epochen unzekucken (fir eng chronologesch Iwwersiicht vun de Schrëftsteller erweist sech d'Anthologie *Literaresch Welten – eng Lëtzebuenger Anthologie an dräi Sproochen* vun 2012 immens hëllefreich).

De Fokus kéint op dës Froen leien:

- Wéi international waren/sinn d'Biografië vun de Lëtzebuenger Schrëftsteller?
- A wat fir enge Länner hunn si meeschtens studéiert oder hir Ausbildung gemaach?
- A wat fir engem Beruff hunn si herno geschafft?
- A wat fir enge/r Sprooch/en hunn si herno hiert literarescht Wierk verfaasst?
- Wat fir eng Beruffer waren am heefegsten?
- Gesi mer e Changement an der Beruffswiel am Laf vun der Zäit?
- Wat fir eng Beruffsspart fanne mer net ënnert de Schrëftsteller?

### AUFGAB 2

Duerchfuersche vun der Schatztru vun der Lëtzebuenger Kulturgeschichte: Schaffe mat der On-line-Versioun vum Batty Weber sengem Abreißkalender (1913 – 1940), [battyweber.uni.lu](http://battyweber.uni.lu)

Während 37 Joer huet de Feuilletonist, Romancier an Dramatiker Batty Weber (1860 – 1940) all Dag en Text an der Luxemburger Zeitung verëffentlecht. Deemno besteet de sougenannten Abreißkalender vum Batty Weber aus 7000 Kalennerartikelen, déi eemoleg sinn an der Villfalt un Theemen a Sujeten aus dem Kulturliwen an dem Alltagsliwen zu Lëtzebuerg. Hie schreift iwwert d'Sprooch, d'Literatur, d'Wirtschaft, d'Kultur, d'Kleeder, d'lessen, d'Fester, de Sport, de Krich, d'Wieder asw. Wéi keen aneren huet hien domadder dat geeschtegt Liwen zu Lëtzebuerg geprägt. D'Artikelen ginn Opschloss iwwer den Zäitgeescht an d'Kulturverständnis vun de vergaangene Generatiounen. Der Batty Weber-Spezialistin Anne-Marie Millim no war de Weber en Alldagshistoriker, deem seng mikrohistoresch Analysen aktiv zu der Schafung vun engem historesche Bewusstsein vun de Lëtzebuenger bäigedroen huet.

Mat Hëllef vun dëser digitaliséierter Versioun vum Abreißkalender kënnen op liicht an informativ Manéier kleng Fuerschungsprojeten zu spezifischen Theemen gemaach ginn an d'Schüler kréien dobäi en eemolegen Abléck an dat kulturell Liwen an der éischter Hallschent vum 20. Joerhonnert.

